



Section de Compétition



4ten Trainingsdag



Fotoen vum Fernand op dësem Link

<https://photos.app.goo.gl/C8RbaPirAYKPy4K2A>



Gudden Owend all Doheem,

Haut an der Box 17 ugetrueden. An voller Erwaardung wat mer dann haut géifen fänken. Et war am Groussen an Ganzen mol net esou schlecht. 1-1,5 Kg war net esou gutt. Mee véier Fëscher haten awer Gottseidank zwëschen 2,5 an 4,1 kg. D' Portugisen souzen niewent eis an déi haten esouguer manner wei mir. Et kann een unhuelen dass se geblöft haten. Mee mir hunn mam Luc Thinnés een bei eis an der Équipë deen ganz gutt hier Sproch versteet an se schwätzt. An ech soen lech doheem elo net wat fir Wieder se heiansdo gebrauch hunn beim Fluchen. Den Luc ass bei se nom Training froen gaangen an en huet alles bestätegt kritt wat en héieren huet.

Wei gesot, déi éischt Muleen sinn gefaangen ginn an eiser Box. Ech hunn selwer keen gespuert mee ech kann just soen, déi ginn richtig of wanns de se um

Krop hues. An esou deck sinn se net emol. 300 bis 900 Gramm. Déi ginn Gas.

Vill kann ech net soen zu deem Ganzen wat hei geschitt an der Fëscherei. All Dag a aneschtens, an net nëmmen bei eis. Ok, déi gutt Natiounen, ëmmer déi selwecht fänken trotz allem regelméisseg.

Mir an eisem Lager maachen eis Gedanken wéi mer déi ganz Saach sollen ugoen. Fudder méisseg an och wat preparéieren vum Buedem ubelaangen, do leien mer all praktesch bei der selwechter Meenung. Wat d' Eschen ubelaangen, do fannen mer och nach déi richtig Léisung.

Monturen déi mer fëschen leien zwëschen 1 bis 1,5 Gramm. Gréisst vun den Kleep leien bei 14-16 fir Katz an dat och bei der Match Staang. Gewiicht vum Stopp bei der Match Staang 12+3 an 15+3 Gramm.

Also wéi gesot, Fëscherei gëtt net nei erfionnt hei an Portugal. Mee alles ass richtig komplizéiert. Keen vun eis war dës Woch richtig regelméisseg. Muer nach deen leschten Training an der Box 21 an dann mussen mer alles preparéieren fir das alles steet fir den Samschdeg.

An deem Kontext, bis muer den Owend..



Section de Compétition

4ten Trainingsdag

